Fédération Luxembourgeoise des Quilleurs a.s.b.l.
52, rue Pierre Hamer L-4737 Pétange - Tel.: (+352) 40 12 12 - Fax: (+352) 40 26 24
E-mail: flq@pt.lu - Website: www.flq.lu
Fondée en 1961 – Affilié au C.O.S.L. – Affilié à la F.I.Q. - WTBA – WNBA - NBN - EBFU

# TKS Sëtzungsbericht

| Nummer : 1/2026 | 2/1/2026 |
|---|---|

| | | | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|---|---|
| Alain Blasen | x | Steve Degano | n | Claude Ernst | x | Christiane Huberty | x |
| Uwe Jakoby | x | Gilles Mores | x | Jos Neuberg | x | Thill Jean-Jacques | x |
| Dieter Grün | n | Steve Blasen | | Patrick Molitor | | | |

1. **Kurze Réckbleck op To Do Lescht.**

   Alles erledegt.

2. **Sprint vum 18.1.26.**

   Ugemellt hunn sech bis elo 50 Spiller. 19 Damen a 31 Hären.
   Tribünen an der Mëtt gëtt erausgefuer. (Alain seet dem Marie-Josée Bescheed)
   Den Alain versicht Blumme vun der Gemeng aus ze bestellen, fir bei de Podium ze stellen, wat méi dekorativ mécht.
   Ufank ass 10:00 Auer. Mir treffen eis géint 9:00 Auer fir alles ze präparéieren.
   Ziedele fir opzeschreiwen,Coupen a Blummen ass OK.
   Alain mécht de PC fir Resultater um Beamer unzeweisen.
   Beim CA gëtt gefrot wien hëllefe kann, oder présent ass.

3. **Eenzelmeeschterschaft a Tandem.**

   Déi éischt Manche gëtt de 12.1. zu Schlennermaarnecht gespillt.
   Präsent sinn: Gilles Mores, Claude Ernst (18 :00h)
   De Claude mécht eng Ëmfro an der Groupe wien nach kann hëllefen opschreiwen.

4. **Internationales.**
   De Belsche Verband zielt 14 Equipe. Sie hunn och 2 verschidde Verbänn. Ee vun deenen ass Dampicourt. Fir de World-Cup spillen de Champion vun deenen 3 Gruppe géint enaner. Wien hei gewënnt geet op de Word-Cup.
   Mir als Comité hunn decidéiert, well Sie elo ënnert dem Reglement vun der FLQ spillen, dass Dampicourt nëtt hei dierf matspillen. Mir als Comité sécheren eis awer nach eng Kéier iwwert den CA of.
   Den Uwe hält och nach eng Récksprooch mat Hinnen.

   WM zu Langenfeld ass vum 14-20 Mai.
   Bei den Damen gi mat: Keller Martine, Anne Zenners a Mandy Parracho.

Partenaires de la F.L.Q.
LOTERIE NATIONALE
WILWERT
HOTEL **** THREELAND RESTAURANT BRASSERIE
50 Rue Pierre Hamer - L-4737 PETANGE
Tél: 00352 26 50 800 - E-mail: threelan@pt.lu www.hotelthreeland.lu

Bei den Häre gëtt nach eng Selektioun gemaacht, déi och ofhängeg ass vun der Landesmeeschterschaft.
Wéinst deene villen verschiddene Kompetitioune gëtt am CA gefrot fir 7 Spiller ze selektionéieren.
Coatche sinn de Molitor Patrick an den Uwe Jakoby.De Steve Blasen kënnt 3 Deeg dohinner, dofir wëllt hien och keen Hotel bezuelt kréien. Fir de Congé Sportif muss nach gekuckt ginn.

Drei Bahnen WM ass den 22-24 Mäi zu Wolfsburg.
Spiller sinn hei bei den Damen: Martine Keller a Christiane Huberty.
Bei den Hären: Pascal Lauer a Lucas Wolter.
Coatch ass den Uwe Jakoby.
Christiane ass zoustänneg fir d'Reservatioun vun den Hoteller.

**5. Provisoresch Reglementsännerung.**

Et ass beschloss ginn dass keng dräi Equippe vun deem selwechte Veräin an der National Divisioun dierfe spillen.
Des Weideren gëtt am Reglement festgeluecht dass mindestens zwee Leit vun all Club pünktlech um Mätsch musse sinn, fir dass Dësen zur virgeschriwwener Auerzäit ugefaangen ka ginn. Eng Karenzzäit vu 15 min. ka vun der enger oder anerer Equipe ugefrot gi. Wann dëst nëtt méiglech ass gëtt e Forfait ausgeschwat. Eng Ausnam ka gemaacht gi wann en trëftege Grond virleit.
Och bei engem Forfait muss déi aner Equipe de Mätsch op en Enn spillen.

De Jacques präparéiert d' Ännerungen a mailt dem Comité déi selwecht. Wann de Comité domat averstanen ass gi Reglementsännerunge per Circulaire u Sportsveräiner gemailt.

**6. Sportsdag den 31.01.2026 an der Belle Étoile**

Den Tom Hoffmann huet eis hei ugemellt.
De Jacques huet e Stand organiséiert fir deen Dag FLQ do ze representéieren. Hien war och mat Jean-Marc Hoffmann heizou an enger Reunioun.
Fir dëse Infostand ze organiséiere ginn nach verschidde Saache gebraucht. De Jos kuckt fir eng Televisioun ze organiséieren. Et musse Flyer gemaacht ginn asw. Mam Ca gëtt och nach geschwat wien alles do présent ass, a wat een nach hei kann ubidden. Eng Propose vum Alain war fir Quiz ze organiséieren.Och solle Gadget vun der Lotterie National do verdeelt ginn. (am Ca nofroen)
Den Infostand gëtt mam Jacques a Uwe an Belle Etoile bruecht an opgeriicht.
Ëtt soll och nach eng Versammlung heizou aberuff ginn. (fir déi jéinesch déi hei hëllefe wäerten)

Partenaires de la F.L.Q.
LOTERIE NATIONALE
WILWERT
HOTEL THREELAND RESTAURANT BRASSERIE
50 Rue Pierre Hamer - L-4737 PETANGE
Tél: 00352 26 50 800 - E-mail: threelan@pt.lu
www.hotelthreeland.lu

## 7. Divers

De Jacques huet och eng Mailadress vum Tom Hoffmann kritt wéinst dem Event Navigator.

De Steve Degano soll och Statistike ëmänneren, fir wann e Spiller ausgewiesselt muss ginn. Hei si soss Statistiken verfälscht.

**Mat beschte Gréiss**

**Jean-Jacques**